

«Frei Birgschaft»:

Et wor e Land, so' sche'n, so' reng,
Mam Wôpen vun dem Jang de Blannen.
Et wor so' le'f, so' klinzeg kleng,
Daß d'Ongléck kémols et kont fannen.

D'Sonn huot so' wârem 'rofgeblenkt
An d'frendlech Dâller, voller Frid;
Et huot almensch sech zo'gewenkt;
Ivral wor Gléck, ivral e Lid.

Wi löschteg huot all Quell gesprudelt,
Wi wor all Bâchelchen so' sche'n;
Wi hémléch huot d'klengt Kand getudelt
A senge le'ven Hémechtste'n.

Wo' konnten d'Ro'sen sche'ner ble'en,
Wi an dem fro'e klenge Land?
Wo' konnt e Millrad fléker dre'en?
Wo' huot eng stärker Le'ft gebrannt?

Wi prächteg woren dach seng Böscher,
Voll decker Echen, schlanker Lannen!
Wuol nirgens wor d'jonkt Lâv je fröscher ...
Nên, d'Ongleck durft dât Land ni fannen!

Wi hun als Rêscht fu Ritterpracht,
D'âl Burgen stolz an d'Dall gekukt!
Sei Volék huot vru kenger Macht,
Vru kengem Joch sech je geduckt.

Am Minettsland, wi bei de Riéwen,
De Ginsterbierger, grad so' gut,
As d'Le'ft zur Freihét gleich mam Liéwen
Eragewuos a Flêsch a Blut.

«Du hierzecht Land, du Paradeis,
«Daß d'Gléck dir firun emer lâcht!
«Dei ro'de Le'f op blo a weis
«Huot déch ge'nt d'Ongleck stéts bewâcht.»

Onnötz all Wonsch! D'Gleck as fun dannen:
Den treie Le'f go'f ons erwiregt.
Du huot d'Ongleck ons misse fannen.
Wiên hât fir d'Lândchen sech verbiregt? ...*)